Examen d'admission ?	Non, admission surtout selon „Numerus clausus“ (avec exceptions). Un excellent résultat au TMS (Test für Medizinische Studiengänge) et d'autres critères comme une formation d'infirmier peuvent augmenter la moyenne générale auprès de certaines universités. Les critères sont consultables au site internet des universités respectives. L'inscription se fait jusqu'à mi-janvier au plus tard (date change d'année en année) www.tms-info.org	Oui, un examen commun pour toutes les universités/facultés de médecine en Autriche, appelé « MedAT » (www.medizinstudieren.at). Environ 15.000 candidats pour 1500 places d'études. L'inscription pour l'examen d'admission a lieu en mars!	Oui, un examen d'entrée (juillet et/ou septembre) Pour plus d'informations et l'inscription à l'examen consultez le site https://www.ares-ac.be De plus, limitation du nombre d'étudiants „non-résidents“ en médecine et en sciences dentaires à 30% du nombre total d'étudiants.	Oui, après la 1 ^{re} année (Concours de PACES). Une pré-inscription est obligatoire sur le site www.parcoursup.fr avant la date limite fin mars. Consultez aussi les sites des différentes universités !	Sélection sur dossier (Bilinguisme franco-allemand obligatoire : C1 certifié ou min. 10 années dans l'enseignement luxembourgeois ; note moyenne à l'examen de fin d'études secondaires ; notes dans les matières scientifiques ...) Plus d'info sur www.uni.lu	UKCAT or BMAT (depending on the university) and an interview. No more admission testing between pre-clinical and clinical years. www.admissiontestingservice.org/for-test-takers/bmat/ www.ukcat.ac.uk Good high school diploma results are necessary. But there is no cut off grade for the Luxembourgish "première's examen". For International Baccalaureate (IB) students the cut off is 39.
Y accéder via la première année à l'Uni.lu ?	Oui. Anciens accords interuniversitaires avec trois universités: München, Nürnberg-Erlangen, Würzburg (3 places en totale)	Non	Oui. Accords interuniversitaires avec l'UCL, l'ULB, l'ULiège, l'UN-amur et l'UMONS. (15 places)	Oui. Accords interuniversitaires avec Paris VI (V), Nancy et Strasbourg (34 places)	/	/
Quand sont les examens ?	Dans chaque matière un ou plusieurs test(s) (Klausur oder Testat) : variables selon les universités et obligatoires pour avoir accès aux examens d'état après la 2 ^e , 5 ^e et 6 ^e année. La date du premier examen d'état peut varier si on suit le „Modellstudien-gang“.	Innsbruck : épreuves modulaires chaque semestre (Kumulative Modulprüfung (KMP) 1&2 et Falldemonstrationsprüfung 1&2) ; à partir du 3 ^e semestre les KMP auront lieu à la fin de chaque année. Vienne : épreuves annuelles (SIP 1-5 = Summative Integrierte Prüfung) Graz : épreuves modulaires après chaque module complété	Chaque semestre	Chaque semestre	Chaque semestre	At the end of each year
Frais d'inscriptions ?	Différents auprès de chaque université, certaines sans frais d'inscription, d'autres imposent des frais jusqu'à 500€/semestre. Pour l'instant, chaque Bundesland est en train de supprimer plus ou moins ces frais.	Pas de frais d'inscription, mais environ 19€ par semestre pour les frais de l'ÖH (Österreichische HochschülerInnen-schaft) y compris l'assurance obligatoire	± 835 € par année	1 ^{er} cycle : ±190€ 2 ^e cycle : ±260€ 3 ^e cycle : ±390€	200€ par semestre	Up to £9250 (England and Wales), £1820 (Scotland)
Etudier pendant les vacances ?	Dépendant de l'université, surtout avant les examens d'État	En 1 ^{re} année, durant les vacances semestrielles en février pour la KMP1	Non, à condition de réussir les examens en première session	Dépend de l'université	Pendant les vacances de Noël et de Pâques.	Not over the summer holidays unless you are re-sitting exams.
Dois-je faire des stages pendant les vacances ?	À partir du 3 ^e semestre : non, à condition de réussir la première session d'un examen 3 mois de stage (Pflegepraktikum) lors de la Vorklinik (libre choix pour les stages) 4 mois de stages obligatoires lors de la Klinik (libre choix pour les stages) : 1 mois médecine générale (ou pédiatrique) en cabinet médicale en Allemagne, 2 mois à l'hôpital, 1 mois en Polyclinique	Oui, 2 semaines de stages obligatoires dans un service de soins à faire avant la fin de la 2 ^e année et 3 mois de stages obligatoires à partir de la 3 ^e et avant la 5 ^e année. En 6 ^e année, 48 semaines de stage pour le « KPJ » = Klinisch-Praktisches Jahr	Oui, certains stages lors des études se déroulent pendant les vacances.	Oui, certains stages lors des études se déroulent pendant les vacances.	Oui => Fr : Stage infirmier en juillet-août-septembre (4 semaines) => De : voir modalités pour l'Allemagne BE: non	No

	Allemagne	Autriche	Belgique	France	Luxembourg	Royaume-Uni
Quelle est la durée des différents cycles d'études ?	1. Abschnitt (Vorklinik) : 2 années 2. Abschnitt (Klinik) : 4 années, dont 3 années d'études et 1 année pratique (Praktisches Jahr, PJ) après le 2e examen d'état (écrit) N.B.: Différences concernant la Vorklinik pour les universités avec Modellstudiengang	1. Abschnitt: 1 année 2. Abschnitt: 3 années 3. Abschnitt: 2 années	1. Bachelier : 3 années 2. Master : 3 années 3. Master complémentaire: 1-6 années selon la spécialité	1er cycle : 3 années 2e cycle : 3 années 3e cycle : 3-5 années selon la spécialité	Ne s'applique pas à la première année à l'Uni.lu	2 pre-clinical years (1 year intercalated iBSc; only at some universities) 3 years clinical years 3 years foundation year specialization time can vary from 3-7 years
Puis-je faire une partie des études autre part ; à l'étranger ?	Oui. Erasmus, échanges entre universités partenaires, etc.	Oui. Erasmus, Programmes d'échange	Oui : Erasmus, stages extra-muros	Oui : Erasmus ou programme d'échange à partir de DFGSM 3 (3e année), stages d'été (selon université)	Non, pas pendant (l'unique) première année	No, but in the final year there is an opportunity to do an 8 week elective, during which you can go anywhere in the world.
Dois-je écrire une thèse lors des études ?	Facultatif (pour finir avec le titre Dr. med.)	Oui. „Diplomarbeit“ lors des 4 dernières années	Oui, travail de fin d'études lors de la 5e et 6e année	Oui, travail de fin d'études lors de la 5e et 6e année	Ne s'applique pas à la première année à l'Uni.lu, sinon voir en ligne pour les spécialités	Not usually, but if you're doing an iBSc you will have to write a thesis at the end of year 3.
Comme quoi vais-je finir les études ? Titre ?	En tant que „Dr. med“ ou en tant que „Arzt“ (sans „Doktorarbeit“) ; avec approbation	Le „3.Abschnitt“ se termine par „Dr. med. univ“ ; sans approbation	Ça dépend de la spécialité	Le 3e cycle se termine avec le „Diplôme d'état de docteur en médecine“	Ça dépend de la spécialité	This depends on the university.
Y a-t-il un examen après les études ?	2e examen d'État (Hammerexamen) avant le PJ, examen écrit 3e examen après le PJ, examen fini oral	Examen pratique et oral en fin de 6e année	Oui (épreuve de sélection pour accéder à la formation spécialisée selon le quota)	L'ECNi actuel remplacé en 2023 par des évaluations théoriques en fin de la 5e année et cliniques en fin de la 6e année.	Pour le 3e cycle, voir en ligne. Après la première année : passage d'un examen-concours, puis continuation des études à l'étranger (si on est classé en rang utile)	Final year exams happen in March of the last year. There are also exams to get into specialization training
Comment peut-on accéder à une place de formation de spécialisation ?	Selon les places vacantes ; candidature	Selon les places vacantes ; candidature	Après réussite et selon le classement du concours pour la spécialisation.	Après la fin de l'ECNi, selon d'un dossier de candidature en regardant les évaluations théoriques et cliniques, ainsi le parcours extra-universitaire.	Pour le 3e cycle, voir en ligne. Après la première année : choix parmi les places disponibles.	After medical school, you have to do two foundation years during which you will rotate through several different specialties. After that you can apply for specialty training.
Peut-on changer de pays pour la formation ?	Oui	Oui	Non, seulement après le master	Non, seulement après le 2e cycle.	Ne s'applique pas	No
À partir de quand est-on rémunéré ?	Selon l'hôpital jusqu'à 500€ par mois pendant la 6e année (PJ)	Après la 6e année (1re année de spécialisation) Avant la spécialisation : rémunération pour les gardes	Après la 6e année (1re année de spécialisation) (Avant la spécialisation : rémunération pour les gardes)	En 4e année ±125€/mois ; en 5e ±250€/mois et en 6e année ±280€ brut/mois + 52€ brut/garde	Pendant le 3e cycle Ne s'applique pas à la première année à l'Uni.lu	Starting from foundation years after graduating from medical school.
Combien est-on rémunéré lors de la formation spécialisée ?	Entre 3400€ et 4500€ brut/mois selon année + rémunération pour les gardes	Entre 2000€ et 3000€ net/mois selon gardes, science, éducation	Ça dépend de la spécialité, entre 1200€ et 1900€ net + rémunération pour les gardes	1350-2000€ brut/mois + rémunération pour les gardes	Ça dépend de la spécialité, pas toutes les spécialisations sont possibles au Luxembourg.	Foundation Year 1 (FY1): £26,614, FY2: £30,805 Specialty training: £30,000 – 50,000
Combien d'années sont nécessaires pour devenir généraliste ?	11 années	9 années	9 années	9 années	9 années	

Medezin ouni Première C

Fir d'éischt emol, et geet wierklech ouni, et ass just e wéineg méi komplizéiert. Du wäerts alt emol d'Fro gestallt kréien, ob dat da wierklech eng gutt Iddi ass, ouni eng 1ère C Medezin studéieren ze wëllen, mee dovunner solls de dech net ofschrécke loossen. Vill vun eise Membere kënnen dir bestätegen, dats du d'Retarden an den Naturwëssenschaften méi fréi oder méi spéit ophéls.

Lëtzebuerg (uni.lu)

Op der uni.lu kanns de prinzipiell och ouni 1ère C Medezin studéieren. Et gi genuch Fäll vu Leit, déi eng Platz kruten. Leider ginn et och vill Fäll vu Leit, déi eng Platz refuséiert kruten. Dofir ass dës Wee keng sécher Méiglechkeet fir mam Medezinstudium unzefänken. Studente vun anere Sektione wéi B oder C ginn ëmmer als Lescht geholl an d'Chancë geholl ze ginn, sinn an de leschte Joren ëmmer méi kleng ginn.

D'Uni kann dir am Viraus keng Aschätzung gi wéi fir dat jeeweilegt Joer deng Chancen ausgesinn eng Platz ze kréien.

Donieft muss een awer och dorop hiweisen, daat op der Uni.lu an de Scienzen den Niveau vun enger C erwaart gëtt. Wanns du mat der uni.lu plangs, an am Endeffekt och eng Platz kréie géings, muss du dech definitiv iwwert de Summer dohi sëtzen a Bio, Chimie a Physique léieren. Soss ass d'Gefor grouss dass du direkt um Ufank vum Joer den Uschloss verléiers.

Et sief gesot, dat Leit mat enger 1ère B an der Regel relativ einfach eng Platz kréien.

Däitschland

An Däitschland ass et am Prinzip kee Problem wann ee vun enger anerer 1ère oder vun enger 13ème kënnt (soulaang däin Diplom an der Iwwersetzung d'Mention "allgemeine Hochschulreife" opweist). D'Fächer déi's du um Diplom stoen hues, ginn à priori net gekuckt.

Den Hoken ass awer, dass du eng immens gutt Nott brauchst fir ugehall ze ginn. Op der sécherer Säit bass du mat enger Mention excellent, eng

Mention très bien gëtt dir och nach gutt Chancen. Drënner ginn d'Chancen ëmmer méi kleng an ënner enger Nott vu 47 gëtt et scho ganz komplizéiert. Donieft muss een nach soen, dass d'Uni'en an Däitschland hier Plätzen am Studium zum Deel no eegene Critèren dierfe verginn. Hei ginn oft och d'Scienzen um Diplom gekuckt.

D'Conclusioun heirauser ass, dass Däitschland eng super Méiglechkeet ass fir Leit vun anere Sektione, soubal se eng gutt Moyenne op hirem Diplom stoen hunn. Dës ass fir all Uni'ënnerschiddlech. Et lount sech op www.hochschulstart.de no de Critère vum de verschiddenen Uni'en ze informéieren.

Am Studium selwer fänkt ee bei den Naturwëssenschaften meeschtens bei Null un, soudass hei kee gréissere Problem besteet.

Éisträich

An Éisträich zielt d'Nott um Diplom net. Allerdéngs muss de den Opnamexamen, deen an der Regel den éischte Freiden am Juli ass, packen. Direkt no der Première ass et wahrscheinlech schwier, da schonn déi néideg Connaissancen ze hunn. Wanns du dech e Joer laang entsprechend virbereets, da stinn deng Chancen awer gutt.

An Éisträich gëtt op den Uni'en (ausser Graz) verlaangt, dass du Bio an der Schoul has. Hei geet et normalerweis duer, wanns du op 3ème 1 Stonn d'Woch has. Deementspriedend muss du dir dann deng Zensur vun 3ème op Däitsch iwwersetze loossen (mat Zertifikatioun, dat heescht vun engem vereedegten Iwwersetzer). Fir desagreeabel Iwwerraschunge bei der Aschreiwung ze vermeiden, ass et dringend recommandéiert eng Kéier selwer op der Uni, fir déi du dech entscheet

hues, nozefroe wat fir Dokumenter si verlaange fir d'Biologie nozeweisen, an a wéi enger Form dës Pobeiere solle sinn. Ausserdeem ass et recommandéiert, fir virum Test nozefroen op d'Biologie, déi een an der Schoul hat, wierklech duergeet. Dës ass wichteg well d'Konditiounen sech vu Joer zu Joer änneren kënnen.

Falls du aus iergendengem Grond keng Biologie op 3ème resp. 11ème has, gëtt et och prinzipiell d'Méiglechkeet dat duerch en zousätzlechen Test nozehuelen. Hei muss du awer onbedéngt fréi am Joer (Mäerz) nofroen, wou an ënner wéi enger Form si dat Joer deen Test verlaangen. Fir en Beispill ze ginn, zu Innsbruck kanns du einfach sou en Zousatztest maachen. Allerdéngs muss du zu Wien säit e puer Joer iwwert de Summer an en extra Cours goen.

Belsch

An der Belsch geet et duer wann s du den Opnamexamen packs, weider Konditiounen ginn et net. Hei gëllt natierlech, wéi bei all Studium an der Belsch, un d'Equivalence ze denken. Ufank Juli muss du deng Equivalence beim CEDIES ugefrot hunn. Ausserdeem gëllt an der Belsch en « Ausländerquota » :

Et dierf e maximum vun 30% « étudiants non-résidents » sinn. Am Fall wou et méi wéi 30% vun « étudiants non-résidents » de Concours gepackt hunn, gëtt per Lousverfahren decidéiert wien ugehall gëtt.

Deen éischte vun insgesamt zwee Deeler vum Opnamexamen bezitt sech op naturwëssenschaftleche Fächer (Biologie, Chimie, Physique, Mathématiques). Als Net-C-Schüler muss du dech natierlech intensiv dorobber virbereeden.

Frankräich

Frankräich setzt och keng Konditiounen fir am éischte Joer ugehall ze ginn. Hei ass d'Admissioun also de klengste Problem. Bedenk awer, dass d'1. Joer a Frankräich ganz intensiv ass. D'PACES freet vill Wëssen of, och wat d'Naturwëssenschaften ugeet. Als C-Schüler bass de hei ganz kloer am Virdeel. Fir déi aner gëtt et en haarde Kampf, mee d'Méiglechkeet steet engem prinzipiell awer op.

United Kingdom

An England respektiv a Schottland hues du, wann s du kee C-Diplom hues, praktesch keng Chance ugehall ze ginn, well déi meescht Unien d'Sektoren vum Diplom kucken. All Uni huet eegene Konditiounen, déi s du op hirem Site fënns wou och spezifesche Informatiounen zu lëtzebuergeschen Diplomer dobäi stinn.

Wann se dat net maachen, da gëtt en Opnamexamen verlaangt. Dës steet am Niveau nach eng Kéier wäit iwwert deem vun der Belsch oder vun Éisträich. Zousätzlech gëtt dann eng Moyenne vu 50 oder méi verlaangt. D'Méiglechkeet gëtt et also prinzipiell mee et bléift d'Ausnam. Hei ass dann definitiv ganz vill Wëllen erfuerdert an et sief engem un d'Häerz geluecht sech éischter an den anere Länner ëmzekucken.

Privatunien a weidert Ausland

Op Privatunien oder op Osteuropa gi mir an dësem Dokument net an, well et der ze vill ginn. Hei lount et sech déi eenzel Universitiéiten unzékucken. Esou en Schrëtt an déi méiglech Konsequenzen doraus sollt awer jidderee fir sech selwer iwwerleeën.

Conclusioun

Du gesäis, et ginn also duerchaus Méiglechkeeten, fir och ouni en Diplom vun enger C Medezin ze studéieren !

Am einfachsten huet een et definitiv mat engem Diplom vun der B, bei deenen anere Sektione ass et méi schwier. Wann s du eng ganz gutt Moyenne hues, dann ass Däitschland relativ onproblematesch. Wann s du net an deem éischte Fall bass, da stinn dir awer weiderhin aner Länner op. Et gëtt net einfach an et ass vill Wëllen erfuerderlech, mee et ass duerchaus machbar.

Wichtig: Dës Dokument ass just eng éischt Hëllef zur Orientatioun. Du muss dech onbedéngt och selwer informéieren, well d'Konditiounen sech änneren kënnen.

Studenteninterviews

Maxime (26), Wien, 6. Joer



Copyright by Von Thomas Wolf, www.foto-tw.de, CC BY-SA 3.0 de, https://commons.wikimedia.org/w/index.php?curid=34663455

Firwat wollts du Medezin studéieren ?

Ech wollt daat schon ëmmer maachen, et huet mech ëmmer interesséiert an éierlech gesoot, de Recht huet mech manner ugesprach.

Vu wéi enger Sektoun bass du komm ? Bass du gutt op d'Studium virbereet ginn ?

Sectioun C. Ganz gudd fierbereet menger Meenung no.

No wéi engen Critèren soll een denger Meenung no seng Unisstad eraussichen ?

Ech sinn der Meenung et soll een net zefill op de Ranking vun der Uni kucken oder op dës Uni besser ass wéi eng aner. Als Dokter wäert et genuch Aarbechtsplaze ginn an der Zukunft an Ausbildung sinn, op jiddefalls europawäit, ganz gutt. Et soll een nom Bauchgefill goen, a beschten a Kéier an déi Staat goen,... et soll een sech wuelfillen an d'Gefill hunn déi nächst 6 Joer verbréngen ze kënnen.

Wéi bass de un deng Platz komm ?

Als Lëtzeburger huet een e kloere Vierdeel vis-à-vis vun eisen däitschen an aneren EU Kollege fir an Éisträiches ze studéieren, well mir beim Opnamexamen zu der Éisträichescher-Quote gehéieren, soudass mir manner Konkurrenz hunn. Soss muss een sech fir bereeden op de Med-AT, wann een deen awer bis geschafft huet ass ee fest am Studium an Konkurrenz gëtt et keng méi.

Wéi bass du mat denger Uni zefridden ?

Ech si ganz zefridde mat menger Uni, wéi mäin Studium ofgelaf ass a wéi vill Fräizäit ech niewebäi nach konnt genéissen.

Wéi ass et mat der Fräizäit ?

Megal Zu Wien ass den Studium staark Praxisbezunn an de entsprechen faalen ustrengend Fächer wéi Physik an Co. Männer an den Mëttelpunkt, dozou kënn Kleingruppen-Seminarer zu 10 Studenten wouduerch een muss mad schaffen an sou schnell léiert. Duerch den System vun 1 grousser Prüfung am Joer an soss vill mëndlech, fällt d'Leierzäit nëmmen am Summersemester un. Do huet een dann schon vill ze din awer soss alles super. Alles war schaffbar, et huet een vill Zäit fier Fräizäit an Studenteliewen ze genéissen ouni mussen op eng gudd Ausbildung ze verzichten.

Ass bei dir op der uni eppes speziell ?

Virun allem déi kleng Gruppen an deenen eis Seminaire stattfannen hu mir gutt gefall. Et ass ëmmer interaktiv an et léiert ee vill. Beschten Zäit hat ech 3 Semester laang beim sezéieren, wou ee selwer praktesch extrem vill wësse bäiléiert. Definitiv och markant sou eng Erfahrung ze maachen.

Hues du schon Stagen gemaach ? Géings du se éischter zu Lëtzebuerg maachen oder net ?

Ech hunn zu Wien Chance Stagen iwwerall op der Welt maachen ze kënnen. Vu dass ech a leschte Joer sinn hunn ech scho vill Stagë gemaach a ville verschiddene Länner. Lëtzebuerg ass wäertvoll eleng weinst dënn ville Sproochen déi mir am Alldag verwenden an och déi kulturell Konflikter déi doduerch entstë kënnen. Ech empfeelen awer jidderengem deen d'Méiglechkeet huet och an d'Ausland ze goen an sou vill verschidde Saachen ze gesi wéi méiglech.

Isabelle (20), Uni.lu/Nanzeg, 2. Joer



Copyright by University of Luxembourg

A wéi engem Joer/Semester bass du ?

Ech si momentan am zweete Joer Medezin a war lescht Joer op der Uni.lu.

Firwat wollts du Medezin studéieren ?

Säit klengem un huet mech de mënschleche Kierper fasziniert an den Beruff vum Dokter huet mech schon ëmmer ugesprach. Mee ab dem Moment wou ech am Éischt Hëllef Team vu mengem Lycée bis aktiv war, woussst ech ganz kloer dass ech Medezin studéiere wäilt. Wat ech mech méi iwwert de Studium an iwwert de Beruff selwer informéiert hunn, wat meng Entscheidung ëmmer méi definitiv ginn ass.

Vu wéi enger Sektoun bass du komm ? Bass du gutt op d'Studium virbereet ginn ?

Ech si vun enger C Sektoun komm a muss soen dass ech mech gutt virbereet gefillt hunn. Op der Uni.lu huet de Programm op dat opgebaut wat mir schon am Lycée gesinn haten. Menger Meenung no kritt een op der C Sektoun déi neidesch Basis fir kënnen op der Uni nozekommen ouni alles vu frësch mussen unzefänken. Op der C Sektoun kritt en och eng logesch Denk Aart a Weise geleiert déi wichteg gëtt fir de Studium.

No wéi engen Critèren soll een denger Meenung no seng Unisstad eraussichen ?

Menger Meenung no soll een sech an senger Unisstad haaptsächlech wuel fillen. Et soll een all déi Unisstied besichen goen fir déi een sech interesséiert, wann di Méiglechkeet besteet, an sech bëssi an der Staat selwer aliewen.

No wéi engen Critèren soll een denger Meenung no seng Unisstad eraussichen ?

Menger Meenung no soll een sech a senger Unisstied haaptsächlech wuel fillen. Et soll een all déi Unisstied besiche goe fir déi een sech interesséiert, wann di Méiglechkeet besteet, an sech bëssi an der Staat selwer aliewen. Et ass wichteg déi Staat richtig ze besichen an net nëmmen dat touristesch Saache kucken ze goen. Menger Meenung no soll een och probéiere mat Léit aus der Staat ze schwätze fir eng besser Iddi ze hunn. Wat mir och vill gehollef huet, ass mat Studenten ze schwätzen déi grad do op der Uni ware wou ech hin wollt. Méi al Studente kënnen sech aus an kënnen iech am beschten dobäi hëllefen äre Choix ze treffen. Et ass och ganz interessant ze wësse wei de Studenteliewen op de verschidde Stied ass.

Wat war deng schlémmsten Erfahrung am Studium ?

Eng „schlémm“ Erfahrung hat ech nach net, allerdéngs ass et nerveg dass et eigentlech e ganz Joer puer Theorie ass, an am Laf vum Joer ni mam klinesche Beräich a Kontakt kennt.

Wat huet dir besonnech gutt gefall bis elo ?

Dass d'Klass relativ kleng ass, an een doduerch een eng gutt Interaktioun mat de Proffen huet, déi och alleguer ëmmer bereet sinn engem weider ze hëllefen oder eppes nach eng Kéier no der Stonn ze erklären.

Hues du schon Stagen gemaach ? Géings du se éischter zu Lëtzebuerg maachen oder net ?

Am Lycée hunn ech en Stage d'Orientatioun gemaach fir mech bësse besser mat der medezinescher Welt ausernee ze setzen. Hunn dës Summer en Stage Infirmier ze Lëtzebuerg gemaach fir kënnen op Nanzeg méin zweete Joer unzefänken. Hat nach keng Stagen am Ausland mee mir huet de Stage ze Lëtzebuerg wierklech gutt gefall. Hunn mech vun der ganzer Equipe encadréiert gefillt an hunn och vill bäigeléiert.

Ana-Rita (24), Stroosbuerg 6. Joer



Par Alois Peiffer — Travail personnel, CC BY-SA 3.0, <https://commons.wikimedia.org/w/index.php?curid=31733167>

Firwat wollts du Medezin studéieren ?

Säit klengem un, war ech un dem mënschleche Kierper interesséiert a wat en alles fäerdeg bréngt a wéi en opgebaut ass. Ech hun och schon ëmmer gäre Leit gehollef wou ech konnt, du sot ech ma einfach ech géif di zwou Saache mateneen verbannen a Medezin studéieren.

Vu wéi enger Sektoun bass du komm ? Bass du gutt op d'Studium virbereet ginn ?

Ech war op enger C, an ech hun fonnt dass eng gewësse Base wéinst der Sektoun schon do war. Et war heiansdo méi einfach verschidde Saachen ze verstoen.

No wéi engen Critèren soll een denger Meenung no seng Unisstad eraussichen ?

Menger Meenung no, muss een sech eng Stad aussichen wou een sech wuel fillt, an onbedéngt eemol do gewiergt sinn éier een d Stadt aussicht. Well et huet een ëmmer eng gewëssen Idee mee op da Plaz kann dat ëmmer eppes aneres sinn.

Wéi bass de un deng Platz komm ?

Ech hat mäin éischt Joer op da uni.lu gemaach, an dono hunn ech ma Stroosbuerg ausgesicht.

Wéi hues du dir mat der Admissioun geden? (Nott, Examen d'admission, etc.) ?

Fir op der uni.lu ugehall ze ginn, war kee Problem, vu dass ech vun enger C komm sinn an eng gutt Moyenne op Première hat.

Wéi bass du mat denger Uni zefridden ?

Ech sinn zefridde mat der Uni, dat 2. Joer ass halt nach Generalkenntnisser an d'Basen vun der Medezin. Mee ab dem 3. Joer geet een schon méi spezifesch op Krankheeten an de verschidde Spezialitéiten an. Mir hunn vill Cours magistraux mee och TP an TD.

D'Amicale vun der Uni ass gutt organiséiert an se hëllefen nawell vill : mat verschidden Ennerlage wie Polycopiés an dem System Ronéo.

Ass bei dir op der Uni eppes speziell ?

Ab dem 3. Joer, gesäit een verschidden Spezialitéiten déi och an engem TD opgeschafft ginn. Et sinn Dokterinnen déi den TD halen, an der dann verschidde Fäll fir deejéinegen Krankheet virstellen a mat dem Grupp opschaffen.

En plus, ab dem 4. Joer, huet een 2 Méint Stage, an dann 2 Méint Cours, an dat ëmmer ofwieselnd.

Wéi ass et mat der Fräizäit ?

Et ass alles eng Saach vun Organisatioun. Am Ufank huet een mei Zäit, mee wann een bis voll am Semester dran ass, huet een bëssi manner Zäit. Mee wann een sech gutt virschafft a seriö ass, dann weess een schon wéini een eraus kann goen a wéini een leiere muss. Do muss jiddereen säi Rhythmus fannen.

Wat war deng schlëmmsten Erfahrung am Studium ?

Wou ech en Noexamen hat, an mäin ganz Joer dovunner ofgehaangen huet op ech weider kommen oder net. Dat geet schon un d Nerven, wann een sech seet dass een vläicht d'nächst Joer am selwechte Joer ass a just een Fach nozemaachen huet... Mee zum Gléck war et net de Fall!

Wat huet dir besonnech gutt gefall bis elo ?

Ech fannen et flott dass een ab dem 2. Joer schon kleng Stagen a verschidde Servicer huet, an dat halt an kleng Gruppen a mat engem Dokter deen der d'Saachen erkläert. Dann gesäit een endlech mol Patienten, deet een en „Pyjama“ un an et fillt een sech wie bei Grey's Anatomy, et geet een eng OP kucken, et leiert een eng Anamnese an eng Ennersichung ze maachen, etc... Sou ass een schon besser virbereet wann een an dat 4. Joer an den Externat geschéckt gëtt.

Nicolas (23), Würzburg 2. Joer



Von Christian Horvat - Eigenes Werk, Gemeinfrei, <https://commons.wikimedia.org/w/index.php?curid=167812>

Firwat wollts du Medezin studéieren ?

Ech war mir laang Zäit absolut net sécher wat ech no der Premiere maachen sollt, et ginn einfach sou vill interessant Studiëgänger.

Ech hunn dann an der Summervakanz en „Schnupperstage“ am CHdN gemaach, bei dem ech déi verschidden Fachrichtungen an Spidolsberäicher entdecken konnt. Den Stage war extrem interessant an ech wollt dono méi iwwer Krankheeten, Behandlungsmethoden an den mënschlechen Organismus wëssen, sou dass ech mech ob der Uni. lu ageschriwwen hunn.

Vu wéi enger Sektoun bass du komm ? Bass du gutt op d'Studium virbereet ginn ?

Ech war ob enger Sektoun C an fannen dass een zimlech gutt ob dat éischt Joer virbereet ass. Am éischten Semester war viles an de Sciencen eng Widderhuelung vun Première an/oder huet dorop opgebaut.

Hues du schon Stagen gemaach ? Géings du se éischer zu Lëtzebuerg maachen oder net ?

Ech hun en Stage infirmier gemaach, dann am 2. an 3. Joer en Stage an 2 verschidde Servicer während engem Semester. An lo ab dem 4. Joer, maachen ech der vun 2 Méint all kéiers an och mat Garden.

No wéi engen Critèren soll een denger Meenung no seng Unisstad eraussichen ?

Ech géif meng Unisstad no der Sprooch an dem Opbau vum Studium eraussichen. Ganz hellefreich ass et och, sech d'Unisstad am Virus eng kéier ukucken ze goen. Sou mierkt een am beschten ob engem Stad gefält an ob een sech do wuel fillt.

Wéi hues du dir mat der Admissioun geden? (Nott, Examen d'admission, etc.) ?

D'Umeldung ob der Uni.lu war ganz einfach. Nieft enger Première C, misst ech nach eng Lettre de Motivation an eng Reflexioun zu zwou Froen schreiwen.

Wéi bass du mat denger Uni zefridden ?

Ech sinn immens frou dass ech mech fir Würzburg entscheet hunn an sinn super zefridden mat menger Uni. Ech fannen dass mir interessant Coursen an gutt Professoren hunn. Zudeem ass d'Uni hëllefsbereet wann mol eppes net klappt an et gëtt een ëmmer gutt iwwer alles informéiert.

Wéi ass et mat der Fräizäit ?

Am Medezinstudium muss een villäicht méi leieren wei an aneren Studiëgänger an et muss en alt ob déi eng oder aner Party verzichten, trotzdem bleibt menger Meenung nach ëmmer genuch Fräizäit iwwer fir Sport ze maan oder eppes mat Kollegen ze ënnerhuelen. Dat wichtegst ass einfach, dass een wes wéini en sech kann Fräizäit erlaben an wéini en muss durchleieren.

Wat huet dir besonnech gutt gefall bis elo ?

Den Sezeierkurs am 3. Semester zu Würzburg war bis elo meng markantsten an beschten Erfahrung am Studium.

Et war en extrem zäitopwännegen an intensiven Kurs, bei dem en méi wie eng Kéier un seng Limitt komm ass. Trotzdeem war et immens faszinéierend déi éischte Kéier mat der Anatomie a Kontakt ze kommen an den mënschlechen Kierper sou detail- léiert ze erfuerschen. Zudeem huet dëse Kurs engem gewisen zu wat en selwer alles fäeg ass.

Myriam (25), Bréissel 6. Joer

By Wouter Hagens - Own work, CC BY-SA 3.0, <https://commons.wikimedia.org/w/index.php?curid=4633657>

Fierwaat wollts du Medezin studéieren ?

Ech studéiere Medezin, well et fir mech eng spannend Mëschung aus Wëssen an Hëllef ass. Zum engem fannen ech et faszinant wéi komplex a präzise eise Kierper schafft, zum aneren ass et mer wichtig dëst Wëssen unzewinnen an domadder Patienten hir Krankheeten ze erklären, ze behandelen an se op dësem Wee ze begleeden.

Vu wéi enger Sektoun bass du komm ? Bass du gutt op d'Studium virbereet ginn ?

Ech hunn eng C gemaach. Ech war gutt op dat éischt Joer virbereet, well ech schon en zolidd Grondwëssen an den Naturwëssenschaft hat.

Wéi bass de un deng Platz komm ?

Wéinst der Ausländerquote an der Belsch, hunn ech misse bei engem tirage au sort matmaachen. Ech hat d'Chance gezunn ze ginn a konnt domadder mäin Medezinstudium an der Belsch ufänken.

Wat war deng schlëmmsten Erfahrung am Studium ?

Dat éischt Joer ob der Uni.lu war extrem haart an nervenzerrend, well en net wuesst wou en géif dat Joer drop studéieren. Ech misst fir d'éischt leieren mam Konkurrenzdruck an mam Leeschungsdruck ëmzegoen.

Hues du schon Stagen gemaach ? Géings du se éischter zu Lëtzebuerg maachen oder net ?

Ech hunn dräi Pflegepraktikas bislo an verschidde- nen Spideeler zu Lëtzebuerg gemaach. Mir war et wichteg all kéiers en anert Spidol an en aneren Fachberäich kennenzelieren.

No wéi engen Critèren soll een denger Meenung no seng Unisstad eraussichen ?

Ech géif jidderengem uroden eng Stad erausze- siche wou een sech richteg wuel spiert. Do spillen eng Réi Facteuren mat: d'Sproch an den Opbau vum Studium souwéi och Distanz vun der Unisstad bis op Lëtzebuerg sinn menger Meenung no wich- teg Critèren.

Wéi hues du dir mat der Admissioun ge- doen? (Nott, Examen d'admission, etc.) ?

Fir an der Belsch ugeholl ze ginn, huet een zu menger Zäit nach keen Opnamexamen misse schreiwen. Well d'Zäit awer net stoe bléift hunn sech des Critèren mëttlerweil geännert a säit dësem Joer muss een en sech an engem Opname- examen klasséieren fir op der Uni ugeholl ze ginn.

Wéi bass du mat denger Uni zefridden ?

Ech sinn ganz zefridde mat béiden Unien op de- nen ech studéiert hunn.

D'UNamur proposéiert am drëtten Joer e Stage an der Médecine générale. Ech fannen dat eng gutt Méiglechkeet fir en éischten Abléck an dësem Be- räch ze kréien. Wat mer op der UCL gutt gefällt sinn « Cours cliniques » wou Patienten bei eis an den Auditoire kommen an eis aus hirer Siicht er- zielen wéi si mat hirer Krankheet liewen.

Ass bei dir op der Uni eppes speziell ?

Ech hunn meng éischt dräi Joer zu Namur ge- maach. Fir mäin Master sinn ech dunn op d'UCL gewieselt, well d'UNamur de Master an d'Spezi- alisatiounen net ubitt.

Wéi ass et mat der Fräizäit ?

Virun allem déi éischt Joren vum Studium ware fir mech mat immens vill léieren verbonden an d'Fräi- zäit ass zimlech minimalistesch ausgefall. Dëst ass awer mat de Jore besser ginn an ech hunn rem méi Zäit fir mech gewonnen.

Jo (23), Edinburgh 4. Joer

Von Ad Meskens - Eigenes Werk, CC BY-SA 3.0, <https://commons.wikimedia.org/w/index.php?curid=15783659>

Fierwaat wollts du Medezin studéieren ?

Ech war mer laang Zäit absolut net sécher wat ech maache wéilt, ech war un vill ze villen Saa- che gläichzäitig interesséiert. Dunn hunn ech en Stage bei enger Doktesch organiséiert, an zënter deem Stage wusst ech, dass ech Medezin ma- che wollt. Ech hunn den Stage extrem interessant fonnt, an ech war sou faszinéiert vum Dokter- Pa- tienten-Verhältnis, dat ech do vill besser kenne geléiert hunn (virun allem an der Oncologie), dass ech keng Zweifel méi hat.

Wat huet dir besonnesch gutt gefall bis elo ?

Fir mech sinn et virun allem Stagen déi mech ëm- mer rem bestätegen, dass ech dat richteg Studium erausgewielt hunn. De Patientenkontakt mësch mir immens Freed an ass fir mech eng grouss Motiva- tioun.

Hues du schon Stagen gemaach ? Géings du se éischter zu Lëtzebuerg maachen oder net ?

Ech hunn meng Stagen bis elo alleguer zu Lëtze- buerg gemaach an war ganz zefridde mam Of- flaf vun dësen Stagen. Wou een seng Stagen am léif- sten mësch hänkt vu senger perséinlecher Preferen- zen of souwéi vun der jeeweileger Uniklinik, déi Stagen zu Lëtzebuerg ubitt oder net.

Vu wéi enger Sektoun bass du komm ? Bass du gutt op d'Studium virbereet ginn ?

Ech war op enger C, an ech fannen dass ech zim- lech gutt virbereet gi sinn; dat eenzegt wat ech fannen dass mer gefeelt huet ass op d'mannst eng Basis an der Info geléiert ze hunn.

Wéi bass de un deng Platz komm ?

Ech wollt gären am engleschsprochege Raum studéieren, well ech englesch immens gär hunn, well Englesch esou eng wichteg Sprooch an de Sciencen ass, a well se éischtklasseg Unien hunn. Edinburgh huet mer als Stad ganz gutt gefall, a Schottland war fir mech souwisou virrangeg virun England, well een als Europäer hei keng Aschreiw- gebühren bezilt. Ech gouf och nach zu Glasgow akzeptéiert, mee ech hunn Edinburgh als Stad vill mi flott fonnt.

Wéi hues du dir mat der Admissioun ge- doen? (Nott, Examen d'admission, etc.) ?

Bei mir ass alles super gaangen, ech krut méi ewéi genuch am Verglach zu deem wat ech gebraucht hätt, a mir haten en Engleschproff, deen extrem hëllefärch war bei all de Froen, déi opkomm sinn.

Wéi bass du mat denger Uni zefridden ?

Ech sinn méi wéi zefridden hei, et ass wierklech flott, et ass erausforderend an extrem interessant. Et ginn ganz vill Méiglechkeeten, fir sech nach weider ze engagéieren, an souguer am Cours selwer huet een eng gewësse Flexibilität.

Ass bei dir op der Uni eppes speziell ?

Edinburgh ass déi éischt schottesch Uni, di en BMedSci Hons am drëtte Joer fest an hire Programm integréiert huet, wéll heeschen am drëtten Joer kritt een d'Méiglechkeet, en Bachelor an engem Fach vu sengem Choix aus enger grousser Lëscht vu méigleche Fächer ze huelen. Ech freeë mech scho richteg drop, fir d'nächst Joer nach eppes aneres ze probéieren!

Wat huet dir besonnesch guet gefall bis elo ?

D'Schaffen a klengen Gruppen an d'Méiglechkeet, eis eegen Projeten ze kreéieren, an dat praktesch all Semester!

Wéi ass et mat der Fräizäit ?

Ech fanne fräizäitweis ass et definitiv manner schlémm, wi et ëmmer heescht. Jo, et ass vill ze schaffen, an jo, et huet een manner Fräizäit wi di meescht aner Studenten, mee dat heescht awer nach laang net, dass een keng Zäit fënnt fir soss eppes ze maachen ausserhalb vun de Coursen.

Hues du schon Stagen gemaach ? Géings du se éischter zu Lëtzebuerg machen oder net ?

Jo, mee dat war virun der Uni. Eis Stagen sinn an de Cours integréiert. Ech géif erëm soen, jiddereen sollt dat no sengem eegene Gefill maachen!

Méi Studenteninterviews fënns de op: www.alem.lu

Nach Froen ?

Wanns de nach Froen hues, zéck net a schreif eis

- Eng E-Mail: : contact@alem.lu
- Op Facebook: [@alem.luxembourg](https://www.facebook.com/alem.luxembourg)
- Op Instagram: [@alem.lu](https://www.instagram.com/alem.lu)

Op www.alem.lu fënns du nach méi Informatiounen zu den eenzele Länner. Des sinn och ëmmer op dem aktuelle Stand vun den Entwécklungen.



ASSOCIATION LUXEMBOURGEOISE
DES ETUDIANTS EN MEDECINE

Disclaimer

D'ALEM iwwerhëlt keng Haftung fir déi hei opgefëiert Informatiounen. All Informatiounen sinn no beschtem Wëssen a Gewëssen zesummegebrocht mee et kann net fir hir Richtigkeit garantéiert ginn.

R.C.S. Luxembourg F5877 | BCEE LU49 0019 1000 3492 8000

© 2019 by Association Luxembourgeoise des Étudiants en Médecine, tous droits réservés

E grouse Merci un eis Sponsoren !



SPUERKEESS



Raiffeisen



verbandeskëscht
Soins & aides à domicile



BGL
BNP PARIBAS

DU HUES ENG FRO ZUM STUDIUM ODER DER UNI



ACEL
de Studentevertrieder

MIR SINN D'ACEL, DE STUDENTEVERTRIEDER ZU LËTZEBUERG!

Mir si fir dech do:
virun, während an no dengem Studium.

Mam **GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT & DIPLÔMÉ** hues du all
d'Infoen fir de Start an den Ofschloss vun dengem Studium.
Beim **STUDENT FIR 1 DAG** weise mir dir deng zukünfteg Uni.



Mir verrieden deng Rechter an Interessen, wéi zum Beispill
bei der **STUDENTEBOURSE** oder dem **GRATIS ÉFFENTLECHEN
TRANSPORT**.

Mir organiséieren **DE STUDENTEBAL**, gréissten Open-Air Bal
fir Studenten, ewéi och den **TOURNOI DE NOËL**. Allebéid brén-
gen déi iwwer 40 Cerclen an hier Memberen zesummen.



acel.lu



contact@acel.lu



[acel.lu/fb](https://www.facebook.com/acel.lu/fb)